ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. September 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister an un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Am Kader vun deenen neien Dispositiounen am Pacte Logement 2.0 soll zukünfteg och d'Gemengepersonal forméiert ginn. E Vertrieder vun der Association Luxembourgeoise des Bachelors scientifiques des Communes et des Syndicats de Communes (ALBSC) huet an deem Kontext Kontakt mam Logementsministère opgeholl, fir sech iwwert déi geplangte Formatiounen ze informéieren. D'ALBSC huet am Februar esouguer proposéiert, fir d'Gemengepersonal zesumme mam Logementsministère d'Formation de base ze organiséieren - allerdéngs ass vu Säite vum Logementsministère dono kee Retour méi komm.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wisou geet de Ministère net op d'Propose vum concernéierte Secteur an, dee viru sechs Méint wollt hëllefen, datt seng Leit schnellstméiglech kënnen un de Formatiounen deelhuelen, fir datt d'Gemengen am Kader vum Pacte Logement 2.0 vun Ufank un gutt opgestallt sinn?
2. Wisou goufen de Gemenge bis haut nach ëmmer keng esou Formatioune proposéiert, och nodeems si schonn d'Konventioune geschéckt kruten, fir de Pacte Logement ze ënnerschreiwen?
3. An deem Zesummenhank bleift de Gemenge jo dann am Ufank keen anere Choix, wéi op e private Prestataire zréckzegräifen. Par konter hunn all d'Membere vun der ALBSC minimum e BAC+3 a ganz vill vun hinnen erfëllen déi gefuerdert Bedéngungen, déi fir de Conseiller pacte logement gefrot sinn. Firwat goufen d'Gemengen net am Virfeld consultéiert a gefrot, ob si Leit an hirem Personal vum Service Technique hunn, déi d'Qualifikatioun an den Interessi hunn, fir och déi Formatioune matzemaachen, déi schonn Ufank 2021 fir déi privat Prestatairen ugebuede ginn?
4. Firwat ass et an Zukunft net méiglech, zweegleiseg, d.h. mat engem internen an externe Beroder parallel ze fueren a wat sinn d'Argumenter, firwat den Här Minister dëst ausschléisst?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten